# Débat de consultation sur les grandes orientations du futur plan d'action pluriannuel d'intégration

## Ried vum Martine Mergen

- et gëllt dat geschwaate Wuert -

---

Här President, dir Dammen an dir Hären,

Dee lëschte Plan national d'intégration ass viru ronn 3 Joer ausgelaaf.

Seithir ass neischt geschidd an desem Dossier, obwuel d'Intergratioun vun onsen auslännesche Matbirger ee weesentlecht Element ass fir d'gesellschaftlecht Zesummeliewen an der sozialer Kohäsioun.

Integratioun schengt dëser Regierung net wichteg genuch ze sinn, fir sech domat ofzeginn, keen "hype" eben.

Dobei hat de Rapport vum Conseil économique et social zesumme mat der UniLu schon 2013 kloer Piste virginn. Also, d'Analyse louch vir, an d'Aktounsrichtung och. Or, seitdem ass neischt geschidd.

1. Firwat elo

Elo, 7 Méint virun de Walen, kommt dir an d'Chamber ons ëm ons Meenung froen: D'Asti huet an hire Reflexiounen zu Recht des Fro gestallt. Wat soll dat also lo nach, an engem Moment, wou mat dem heitegen Dag är Konsultatiounen nach net eriwwer sinn, well d'Gemengen krute jo och nach e Questionnaire, deen nach net ausgewert gouf. Mir hun och nach kee Rapport iwer d'Enquete bei der Société civile...

Firwat elo, ass et weinst der Integratioun oder wéinst de Walen? Geet et hei net drem, nach séier, no 4 Joer Stellstand, e Fändelchen ze setzen fir déi sozial blo-roud-grengen Oder ze vermaarten?

Et ka jo net méi des Regierung sin, déi de Plang emsetzt? Déi nächst Regierung muss sech d'Objektiver fixéieren, Strategien festzehalen, an déi wichtegst a prioritär Axen definéieren.

D'Parteien sollten a wärten sech an hire Walprogrammen dozou Gedanke maachen, eng Debatt, an et ass jo nach nëmme eng Debatt, op Basis vun engem sougenannte "Canevas", deen d'Ministesch an der Kommissioun virgeluecht huet, ass nach kee Plang, an emzesetzen ass e no de Walen.

Esou kurz virun de Walen hannerléisst desen Exercice e battere Nogeschmach, a mir froen ons, wëllechen Zweck en z'erfëllen huet.

2. Zesummeléen Immi/Int

Integratioun ass eng transversal Responsabilitéit.

De nationalen Integratiounsplang ass ee wichtegt Instrument, deen d'Efforten vun allen implizéierte Minstären definéiert. En Emsëtzen erfuerdert harmonesch interministeriell

Aktiounen. Onser Meenung no stéisst de Comité interministériel u seng Grenzen. Wat mer brauchen, dat ass eng Bündelung vun den Attributiounen um Niveau vun der Regierung. Immigratioun an Integratioun gehéieren zesummen!

Mir pläidéieren dofir fir d'Zesummeléen vun desen 2 Bereicher, am Sënn vun enger méi effizienter a gelongener Integratiounspolitik.

3. Lëtzebuerg ass Immigratiounsland

Lëtzebuerg ass an enger demographescher Situatioun, déi ons, méi wéi aner Länner ronderem, dozou zwengt, proaktiv drun ze schaffen, fir all déi Auslänner, déi bei ons kommen, an ons Gesellschaft ze integréieren, net fir se ze assimiléieren, ma mat virun ze huelen. Sie sin eng Bereicherung fir onst Land.

Mir hun net, wéi ons Nopeschlänner, eng grouss Masse Popuatioun mat enger eenzeger Sprooch, ma eng kleng Populatioun mat ville Sproochen, ma dorop kommen ech herno zrëck.

Déi eng komme bei ons schaffen, nëmmen dagsiwer, wéi dat bei de frontalié'en de Fall ass, oder fir eng méi oder wéineger lang  Zeit op Grond vun hirem Aarbechtskontrakt, dat sin d'Expats. Ma déi gréisste Suergen musse mer ons iwer déi Persounen machen, déi als Flüchtlinge bei ons kommen, déi vu Krich, Misär a Leed fortlaafen, di alles hannert sech gelooss hun, fir en Neiufank ze probéieren.

Des Leit si secher méi wéi déi aner op ons Hëllef ugewisen, sie fänken bei Null unter, eigentlech enner Null, wëll sie oft am Krich, an engem bewaffnete Konflikt, oder op der beschwéierlecher Rees heihin léiw Mënsche verluer hun.

47,7% net Lëtzebuerger liewe bei ons, an all Dag kommen eng 175000 Leit aus der Grenzregioun bei ons schaffen.

Dofir missten am PANI net nëmmen Mesuren fir d'Flüchtlinge stoen, och déi aner Auslänner

musse mat ons zesummeliewen a brauchen dofir en Ustouss, sech an ons Liewesweis, ons Kultur, eranzeschaffen. Mir wëssen, datt de Contrat d'accueil et d'intégration, dee jo och am Gesetz steet, nëmme vun enger Minoritéit vun auslännesche Matbierger profitéiert gett, u wat leit dat? (1200/20000)

4. Educatioun

Eng vun deene wichtegsten Erausfuerderungen bei der Integratioun leit an den Hänn vun de Schoulen.

Vill Kanner mat Migratiounshannergrond sinn an de lëschte Johren an ons Schoulen beikomm. Ons Schoulen sinn et zwar traditionell gewinnt auslännesch Kanner anzeschoulen, nach nie war d'Heterogéitéit vun de Schüler esou grouss wéi an deene lëschte Johren. Haut hu praktesch d'Halschecht vun onse Schoulkanner e Migratiounshannergrond, 2003 war et just en Drëttel. Dobei kommen nach d'Kanner mat de spezielle Besoin'en. D'Schoul geréit ëmmer méi enner Drock!

Dofir sin eng Rei Mossnahme geholl gin, fir déi Kanner déi grad mat hire Kanner zu Lëtzebuerg ukomm sinn an enger 1. Phase an adaptéierte Strukturen opzefänken. Mir hun eng cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux-arrivants an e service deen sech em d'Aschoulung vun dese Kanner këmmert. Et geet hei drëm, d'Kanner an d'Jugendlech sou séier wéi méiglech an ons national Schouloffer eranzehuelen, mir froen ons, ob dat och emmer op déi beschten Aart a Weis geschidd? Et kënnt vir, datt déi Kanner méi laang wéi ee Joer an deene Strukture bleiwen. Dat ass net favorabel fir hir Integratioun. D'Kanner missten spéitstens no engem Joer den normalen Unetrricht suivéieren.

Dee gréissten Atout vun onsem Land, nämlech seng heterogen villsprochlech Situatioun, ass scho fir vill Kanner , déi hei gebuer sinn, en Hindernis, emsou méi fir déi auslännesch Kanner an dat huet Konsequenzen op hir Resultaten an der Schoul an hir spéider berufflech Orientatioun.

D'Entwert vum Bildungsministère ass eng gratis Kannerbetreiung mat enger sprochlecher Fréiförderung vu lëtzeburgesch a franséisch tescht 1 a 4 Joer. Mir stinn deem, wéi der wësst, skeptesch géigeniwer.

Grad an onsem Land mat senge villen auslännesche Bierger aus enger Villzuel vu sprochlechen a kulturellen Hannergrënn wir et sënnvoll, op ENG Integratiounssprooch ze setzen, datt mer können matenaner kommuniquéieren. Dat ass fir ons lëtzeburgesch. Ons Sprooch soll als Integratiouns- a Kommunikatiounsinstrument gefördert ginn an zwar vu Klengem un.

Et feelt an onsen aan un engem iwergreifende Gesamtkonzept am Fondamental an am Secondaire fir der Sproocheproblematik gerecht ze gin.
De Sproocheniveau an d'Schoulprogrammen mussen évaluéiert an ugepasst gin fir der Diversitéit vun der Schülerpopulatioun gerecht ze gin.

D'Regierung réagéiert op d'Heterogénitéit vun de Schüler och mat enger diversifizéierter Offer, dese Prinzip wëlle mer net a Fro stellen. Ma am Sënn vun der Chancegleichheet muss sëcher gestallt ginn, datt mer duerno eng flächendeckend diversifizéiert Offer vun der öffentlecher Schoul hun.

An deem Kontext geet och drëm, d'Elteren an d'Schüler besser iwer déi bestoend Méiglechkeeten ze informéieren an och ze beroden, do geet et mat Portes ouvert'en net duer. Et geet drëm, richteg ze orientéieren, fir Echec an Décrochage ze vermeiden.

5. Sprooch

Ma net nëmmen d'Kanner sollen ons Sprooch léieren, och di Erwuessen déi bei ons kommen, sollten sech vum 1. Dag u bewosst sin, datt ons Sprooch onse wichtegsten Identitéitsfaktor ass.

Lo héiere mer awer emmer rëm vu Waardezeiten, fir sech an d'Sproochcoursen anzeschreiwen? Et gëtt also méi Interressente wéi Plaazen!

De Canevas vun der madame Cahen geseit dann och eng méi grouss Offer vu Sproochecours'en vir, wat mer begréissen, mir froen ons awer, firwat des Regierung d'Finanzhëllefen, déi een kann ufroen am Kader vum congé linguistique gekierzt huet?

Wéi well d'Regierung do virgoen: gett den INL personnell gestärkt? Wéi soll et an de Gemenge virugoen, an deene schon oft Sproochcours'en ugebuede gin, kréien se gehollef a wou huelt der déi vill Enseignants'en hir?

Mir begréissen, datt den Integratiounsprogramm mat sengem PIA zanter lëschtem Joer operationnell ass an schon während der 1. Integratiounsphase PIA1 mat enger kurzer Aféierung an ons Sprooch an och datt heibei eng Informatioun iwert onst Land virgesinn ass. Mir begréiessen och, datt des Cours'en obligatoresch sinn. Mir bedaueren, datt dat réischt am September 2017 ugefaang huet.

Mir froen ons, ob genug Personal do ass, fir den Flüchtlingen desen Unterricht ze vermëttelen, wat ass mat deenen, déi nëmmen déi arabesch Schrëft kënnen, oder suguer mat den Analphabeten?

Greift der zum Beispill op d'Hëllef vu schon integréierten BPI'en zréck?

De PIA huet entre autres als Zil, d'Autonomie an d'Employabilitéit vun den DPI'en ze förderen. Mir sinn der Meenung, datt all d'DPI'en un deene verschiddenen Phasen vum Integratiounsprogramm solen deelhuelen, ob se herno bleiwen oder nett, mat der méiglecher Ausnahm vun denen, bei deenen vu vir erof kloer ass, datt sie sougenannten Dubliner sinn, dat heescht, datt en anert Land fir sie zoustänneg ass.

6.Aarbechtsmart

An der selwechter Philosophie gesi mir d'Integratioun op den Aarbechtsmaart: mir mengen, datt vun Ufank un am perséinleche Bilan vun all nouvel arrivant muss gekuckt gin, wat e fir

Qualifikatiounen huet, a wat muss gemaat ginn, fir datt en sech mat dese Qualifikatiounen op onsen Aarbechtsmaart kann integréieren. Mir wëssen, datt nëmmen eng ganz kleng Zuel vun DPI'en d'demande fir e provisoreschen permis de travail stellen,  hei sin d'Prozeduren zevill komplizéiert, mir kruten awer op d'Fro, wivill BPI'en an engem aarbechtsverhältnis stin, keng Entwert, dat war an enger QP vum Här Mosar vum August 2016.

Mir sinn der Meenung, datt een awer e Bilan muss zéie können iwer d'Zuel vun den BPI'en, déi en Arbechtskontrakt hun, wéi laang et gedauert huet, bis et souweit war, a wat déi gréissten Obstakelen sinn.

Wéi wëllt een d'Mesuren optimiséieren, wann ee net weess, ob a wéi se greifen, respektiv virwat net?

Déi Formatioun, déi ugebuede ginn, mussen zesumme mat der Wirtschaft definéiert gin. De Partenariat vun der ADEM mat der UEL, dee seit

2015 besteet a lo verlängert gouf, geet an déi richteg Richtung.

Berufflech Integratioun ass dee visibelsten Deel vun der INtegratioun, deen 1. Schrëtt zu den Auslänner hirer Verankerung an onser Mëtt.

Schliesslech kommen ech op meng Iddi vu lo grad zrëck, nämlech op een net sollt verstärkt op déi schon integréiert  BPI'en zrëckgreifen, fir d'nouveaux arrivants ze encadréieren? Dat gett informell scho vun deene Associatiounen, déi sech em den Accueil vun de Flüchtlinge këmmere gemaat, wir et net och méiglech, des Leit zum Beipsill iwer CDD'en anzesëtzen, sou hätten sie eng nëtzlech Aarbecht , oder, sou wiren se nëtzlech an hätten eng Aarbecht....

7. politesch Participatioun

Déi Leit, déi bei ons wunnen, sollen och kënne matdécidéieren.
Mir hun d'Auslännerwalrecht agefouert fir d'Gemengen- an d'Europewalen, dat ass e

wichtege Schrëtt a nett vill Länner hun dat sou konsequent emgesaat wéi mir. Mir bedaueren, datt sou wéineg auslännesch Matbierger dovu Gebrauch maachen Mir  mengen, datt mer d'Effort'e musse verstärken, sie ze forméieren an ze mobiliséieren grad ewéi d'Modalitéiten, fir sech an d'Lëschten anzedroen, ze vereinfachen.

Mir hun d'Nationalitéitegesetz geännert, a wann ech soe mir, dann heescht dat, datt mir als CSV aktiv un dem ursprüngleche Projet matgeschafft hun, sou datt mer dat Gesetz mat 2 Hänn konnten ennerschreiwen.
Mir hun d'multipel Natinalitéit agefouert a mir hun déi sproochlech Kritèren un d'Realitéit vum Terrain ugepasst, dat war e grousse Succès.
Mir bedaueren, datt de Conseil natinal des Etrangers iwer Joeren net richteg funktionnéiert huet, a begréissen d'Ukënegung vun der madame Minister, datt hien elo nei opgestallt ass, a seng aarbechten kann ophuelen.
Mir zweiwelen awer drun, op hien dat richtegt Instrument ass, fir onsen auslännesche Matbierger déi Implkatioun an onst politescht

Liewen ze gin, déi néideg wir, datt sie och d'Gefill hätten, matzebestëmmen. Wéi ech meng portugiesesch Haushälterin gefroot hunn, ob sie wéisst, wat dat wir, hun ech zum xte Mol festgestallt, datt sie an ganz vill anerer net driwer informéiert sinn, an eigentlech och kee Wuert matzeschwëtzen hun, wat d'Kompositioun vum CNE ubelaangt.

Här Prësident, dir Dammen an dir Hären, ech hun e briteschen Eedem, an eng eisterreichesch Schnauer.
Wann sie eemol bei ons kommen, an dat hoffen ech natirlech, datt sie net d'gefill hun, keng Stëmm ze hun. Den Här Wiseler hat eemol proposéiert, datt auslännesch Matbierger de CNE direkt kënnte wielen, ähnlech wéi bei de Beruffskimmeren. Sou kënnt een seng Avis'en valoriséieren an deem d'Matbierger indirekt Afloss op Initiativen a Gesetzer kënnten huelen. Des Piste wëlle mer weiderverfollegen.

8. d'Gemenge verstärkt mat abannen

Här President, dir Damen an dir Hären,

D'Bewältigung vun der Flüchtlingsproblematik, déi probéieren, an Europa Fouss ze fassen, bleiwt eng gesamteuropäesch Aufgab.
Onst Land muss sech bedeelegen. Dat ass eng national Responsabilitéit. Mir haten dofir 2015 eng kloer, langfristeg a kohärent Strategie präsentéiert.

Wa mer ons haut also Gedanke maachen iwer d'Zesummeliewen an onsem Land, da gett dest zesummeliewen nach op engem anere Niveau praktesch ausgefouert, an dat ass an onse Gemengen.

Dat geet vun de Schoulen a paraschoulesche Strukturen iwer Sproochecurs'en a Vereinsliewen bis hin zum Logement, deen, wéi mer os al bewosst sinn, dee gréisste Probleem an onsem Land duerstellt, net nëmme fir déi auslännesch Matbierger.

Fir datt d'Gemengen des Aufgabe kënne bewältegen, brauchen sie kloer Reegelen, an

d'Virgab muss vun de staatlechen Instanze kommen. Hei herrscht awer e grousse Vakuum!

D'Aufgaben mussen tëscht Staat a Gemengen kloer opgedeelt sinn, d'Gemenge brauchen en Interlocuteur, deen hinnen zur Verfügung steet, wa sie Froen hun.

Desen Interlocuteur muss verlässlech a vernetzten Entwerten kënne gin, iwer déi verschidde Kompetenzen ewech, well sie leie verspreet iwer eng Rei vu Minstèren an Administratiounen.

Ons Gemengen brauchen e Cahier des Charges, eng Art Vademecum  wou d'Pflichten an d'Rechter vun deene verschiddenen Akteure festgluecht sin. Et kann net sinn datt sie, an ech denken do besonnesch un déi méi kleng Gemengen mat manner Personal, sech méisam mussen durch déi verschidden Ämter ploen, dat verlängert d'Prozeduren an eng pragmatesch Entwert op dei reell Probleemen.

Et kann een hinnen net virwerfen, datt sie wéineg ennerhuelen, fir zum Beispill Wunnstrukuren zur Verfügung ze stellen, wann sie net déi néideg Ennerstëtzung kréien dobei, wann se net wëssen, wéi d'Rolle verdeelt sin.

9. Conclusioun

D'Zeit ass ze kurz, fir op all Froen anzegoen, op déi de PANI muss eng Entwert gin.

Zum Constat, datt desen Exercice haut, dee jo en Deel ass vun enger méi breeder Consultatioun, ech hat se agangs genannt, vill ze spéit an zu engem abstrusen Zeitpunkt kënnt, also 7 Méint virun de Walen, kënnt also nach deen dobei, datt d'Form, déi hei an der Chamber gewielt gouf, et net erlaabt, fir méi détailléiert op déi verschidden Aspekten anzegoen.

Ech géif wëllen all den Acteure vun der Société civile, déi sech aktif, benevole a mat vill Engagement an d'Prozesser abrengen, onsen déiwe Respekt ausdrëcken.

Ma, ons feelt nach eppes an dat brengt mech zu mengem leschte Constat: mir sin der Meenung, datt, wann een dat ma dem Zesummeliewen an der sozialer Kohäsioun eeschtgemengt hätt, een net nëmmen d'Gemengen, d'Acteuren um Terrain an lo dann d'Chamber froen, ma och de grand public: den Här Meisch an den Här Bausch tingelen durch d'Land, den Här Gramegna diskutéiert um Radio mat de Leit iwer seng Steierreform, mir sin der Meenung, datt dese Sujet op manst grad sou wichteg ass well d'Bierger dobaussen, Lëtzebuerger an Auslänner, secher och e Wiirtchen hätte welle matschwëtzen.

Ech soen iech merci